


# SANDWEILER Aktuell

05-2024 27.03.2024

**Demande de vote par correspondance**

Formulaire préimprimé

**Demande de vote par correspondance**

Guichet.lu

## Europawalen de 9. Juni 2024: d'Bréifwal ufroen

D'Ufro fir d'Bréifwal ka gemaach ginn:

1. per Post op engem virgedréckte Formulaire (www.sandweiler.lu)
2. elektronesch iwwer Guichet.lu.
3. perséinlech am Populatiounsbüro vun eiser Gemeng

D'Umeldung muss op der Gemeng ukomme bis spéitstens **dënschdes den 30. Abrëll 2024 fir de Walziedel op eng international Adress** geschéckt ze kréien, respektiv **mëttwochs de 15. Mee 2024 fir de Walziedel op eng national Adress** geschéckt ze kréien.

**Opgepasst:** Wann Dir nach net op de Wielerlëschten ageschriwwe sidd, geet et duer, wann Dir Iech bis méindes de 15. Abrëll 2024 am Populatiounsbüro vun eiser Gemeng oder online iwwer Guichet.lu aschreift.

## Élections européennes du 9 juin 2024 : vote par correspondance

La demande peut être faite :

1. par voie postale sur un formulaire préimprimé (www.sandweiler.lu)
2. par voie électronique via Guichet.lu.
3. personnellement en vous présentant au bureau de la population de la commune

La demande doit parvenir à la commune au plus tard le **mardi 30 avril 2024 pour les envois du bulletin de vote à une adresse à l'étranger,** respectivement le **mercredi 15 mai 2024 pour les envois du bulletin de vote à une adresse nationale**.

**Attention :** si vous n'êtes pas encore inscrit(e) sur les listes électorales, il suffit de vous inscrire jusqu'au lundi, le 15 avril 2024 auprès du bureau de la population et de l'état civil de notre commune ou en ligne via Guichet.lu.




GEMENG SANDWEILER
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler
Tél.: 35 97 11 - 1 • Fax: 35 79 66
www.sandweiler.lu

# Babbel Owend

## Mercredi 10 avril 2024

## 19h30 Centre culturel

De retour pour vous!

D'Kommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen invitéiert Iech häerzlech op den nächste "Babbel Owend".

All **zweete Mëttwoch am Mount** offréiert d'Kommissioun Iech d'Geleeënheet an enger sympathescher Ronn a verschiddene Sproochen ze babbelen.

**Den nächste Rendez-vous ass de Mëttwoch 10. Abrëll 2024 um 19.30 Auer.**

D'Membere vun der Kommissioun freeë sech drop fir kënne mat Iech ze babbelen, op Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch, Italieenesch an/oder Portugisesch.

La commission du vivre-ensemble interculturel vous invite cordialement au prochain «Babbel Owend».

Tous **les deuxièmes mercredis du mois**, la commission vous offre la possibilité de bavarder en différentes langues dans une ambiance sympathique.

**Le prochain rendez-vous aura lieu le mercredi 10 avril 2024 à 19h30.**

Les membres de la commission se réjouissent de pouvoir converser avec vous en luxembourgeois, français, allemand, anglais, italien et/ou portugais.

# Grouss Botz zu Sandweiler:

## samschdes, den 13. Abrëll

Um 9:00 Auer



Umeldung / Inscription : 35 97 11 - 1 / info@sandweiler.lu

(D'Umeldung ass bis den 9. Abrëll méiglech / L'inscription est possible jusqu'au 9 avril)